

Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Nico Loes), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Théo Stendebach);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Marco Schroell), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippringer, Marco Schroell et John Schummer;

M. Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par Mme Lydie Err), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);

MM. Jean Colombero (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes);

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

3. 5163 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti

An da komme mer zur Lecture vum Projet de loi 5163. Do ass den Article 1er...

Une voix. - Et ass en Amendement.

M. le Président. - Do hu mer den Amendement vum Här Aly Jaerling zum Artikel 1. Ech mengen deem Amendement ass ausgedeelt ginn, Dir hutt en alleguerte virun lech leien a mir kënnen also iwwert den Amendement vum Här Jaerling ofstëmmen.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Artikel 1 ass gelies.

Amendement 1

Also mir stëmmen of iwwert den Amendement vum Här Jaerling.

Vote

Déi fir den Amendement si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

Den Amendement ass verworf mat 49 Nee-Stëmmen a 7 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Lydia Mutsch;

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes).

Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Patrick Santer), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Marco Schroell), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippringer, Marco Schroell et John Schummer;

M. Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par Mme Mady Delvaux-Stehres);

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Also ass den Artikel 1 ugeholl an där Fassung wéi e virgeluecht ginn ass.

D'Artikelen 2 bis 16 si gelies an ugeholl.

Den Artikel 17 ass gelies.

Do hu mer zwee Amendementer erakritt, déi den Här Jaerling abruecht huet. Dat ass emol fir d'éischt den Amendement 2 zum neien Artikel 17. Dir hutt deem Amendement all virun lech leien a mir stëmmen dann direkt driwwer of. Den Här Jaerling freet d'Wuert.

Amendement 2

M. Aly Jaerling (ADR). - Jo, Här President, ech wëll just nach eng Kéier d'Chamber hei drun erënneren ëm wat dass et do genau geet. Ech hunn déi Artikelen nach eng Kéier eraginn an an dat Gesetz agebaut, fir dëser Chamber nach eng Kéier d'Méiglechkeet ze ginn hire sozialen Iertum do ze revidéiere fir déi Ongerechtegkeeten, déi bei der Mammerent entstane sinn, déi Artikele 5 a 6 vum Gesetz iwwert de Forfait d'éducation. An hei ass déi leschte Chance, fir virun de Wahlen och deene 5.000 Mammen nach d'Mammerent integral zouzege stoen, déi se och zegutt hunn. Ech wollt der Chamber nach eng Kéier déi Méiglechkeet ginn. Jiddferee soll sech bewosst sinn, wat en dann hei ofstëmmt wann e géint déi Artikelen do stëmmt.

M. le Président. - Mir stëmmen also of iwwert de virleienden Amendement.

Vote

Déi fir den Amendement sinn, déi stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

Den Amendement ass verworf mat 37 Nee-Stëmmen, 6 Jo-Stëmmen an 11 Abstentionen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes).

Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Patrick Santer), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippringer, Marco Schroell et John Schummer;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart.

Domat ass den Artikel 17 ugeholl an där Fassung wéi e virgeluecht ginn ass.

Dann hu mer e leschten Amendement, dee vun engem Artikel 18, och agereecht vum Här Jaerling.

Amendement 3

Mir stëmmen also of iwwert den Amendement 3.

Vote

Déi fir den Amendement si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

Den Amendement ass verworf mat 39 Nee-, 6 Jo-Stëmmen an 12 Abstentionen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero (par M. Jacques-Yves Henckes), Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen).

Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Patrick Santer), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippringer, Marco Schroell et John Schummer;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

Mir stëmmen dann elo of iwwert dee gesamte virleiende Gesetzesprojet 5163.

Dir musst nach ee Moment waarden.

Mir stëmmen also elo of iwwert dat neit RMG-Gesetz.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 52 Jo-Stëmmen a 6 Abstentionen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny

Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Simone Beissel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippringer, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par Mme Lydie Err), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp (par M. Fernand Greisen).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 5265 iwwert d'Klärnlag vun Hesper. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Klein, Graas a Greisen. Als Rapporteur huet elo den Här Fred Sunnen d'Wuert.

4. 5265 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à l'extension et à la modernisation de la station d'épuration de Hesperange

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

M. Fred Sunnen (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer aganks vu menger Interventioun kuerz aus den Dispositionen iwwert d'Waasserwirtschaft am Kollatiounsaccord vum August 1999 ze zitéieren: „Le Gouvernement a opté pour une politique concentrée en matière de gestion de l'eau qui aura comme finalité le regroupement des différents aspects ayant trait à l'économie de l'eau. Ainsi les différentes administrations et divisions de services qui, à l'heure actuelle, ont des compétences en matière de protection et de gestion de l'eau seront fusionnées dans une même entité afin de créer l'instrument nécessaire à une véritable gestion intégrée de l'eau, instrument qui relèvera de la compétence du Ministre de l'Intérieur.

Le Gouvernement renforcera ses efforts en vue de la construction de stations d'épuration. Afin d'assurer une organisation optimale et une réduction des coûts, un audit externe en la matière sera réalisé. Le Gouvernement entend par ailleurs promouvoir davantage les stations décentralisées.“

Um Enn vun dëser Legislaturperiod stelle mer fest, datt dës Regierung Wuert an deem wichtege a sensiblen Dossier vum Waasser gehalen huet. Mir hunn endlech déi gesetzlech Basis vum Waasserwirtschaftsamt, dat sech ëm eng integréiert an nohalteg Politik an dësem Beräich beméit. A mir hunn eng Rei Gesetzter gestëmmt oder och nach ze stëmmen, déi de Bau, d'Erweiderung an d'Moderniséierung vu Kläranlagen an eisem Land virgesinn.

D'Qualitéit vum Waasser ass haut eng liewenswichtig Aufgab vun all Regierung. Och zu Lëtzebuerg ass d'Waasserpolitik nach ëmmer en Enjeu gewiescht. Sou ass an de 50er Joren eist Land op de Wee gaange fir Drénkwaasserversuergung iwwert de Wee vum Stauséi op der Uewersauer ofzedecken. En

anere wichtege Volet ass d'Héichwaasserproblematik, déi duerch d'Zersiedlung vun eisem Land, eng intensiv Landwirtschaft an Ëmwelt aflëss an de leschte Joren ëmmer méi akut ginn ass, an net zulescht ass den Ëmweltschutz e feste Bestanddeel vu bal all Beräich vun der Politik ginn, eng Matière, déi natierlech de Schutz vum Waasser als eng vun den Haaptachsen ugesäit.

Et sinn dëst alles Deelberäicher vun enger vaster an technesch héich komplexer Matière, déi mer am heitege Kontext vernetzt musse betruechten an déi eng duerchduechten an nohalteg Koordinéierung brauchen. Déi demographesch Entwécklung vun eisem Land, déi intensiv Landwirtschaft souwéi Ëmweltaflëss stellen eist Kläranlagennetz viru gewaltge Erausforderungen.

Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 5265 autoriséiert de Stat, fir um Finanzement vum Ausbau an der Modernisatioun vun der Kläranlag zu Hesper deelzehuelen. Den Text ass den 29. Dezember 2003 vum Innenminister, dem Här Michel Wolter, an d'Parlament abruecht ginn. E gouf den 18. Dezember un de Statsrot widergeleet, deen de 16. Mäerz vun dësem Joer säi favorablen Avis ofginn huet an nëmmen e puer Remarqué redaktioneller Natur gemaach huet. An der Sëtzung vum 7. Abrëll 2004 huet d'Commission de l'Intérieur vun der Chamber hire Rapporteur designéiert an d'Gesetzesvirlag souwéi den Avis vum Statsrot analyséiert. De schrëftleche Rapport ass an der Sëtzung vum vergaangenen 28. Abrëll ugeholl ginn.

Här President, d'Klärnlag vun Hesper ass 1972 mat enger Capacitéit fir 8.000 Awunner gebaut ginn. Am Laf vun deenen 30 Joer ass d'Awunnerzuel awer méi wéi doubléiert ginn, woumadder d'Leeschungsfäegkeet vun der Kläranlag och un d'Grenze gestouss ass. Um Enn vun den 90er Jore gouf décidéiert fir d'Klärnlag zu Hesper engem Lifting ze ënnerzéien an ze moderniséieren. Dëst gouf ëmsou méi noutwendeg, well de Projet fir d'Klärnlag un déi vu Beggen a vu Bouneweg unzeschléisse sech net konnt duerchsetzen. Déi moderniséiert biologesch Kläranlag erlaabt e sou genannten Traitement tertiaire vum Ofwaasser, an dat duerch d'Uwendung vun enger neier Technologie, déi sech „lit fluidisé“ nennt.

An der Praxis heescht dat, dass d'Anlag an der Lag ass fir zum engen d'Phosphater an zum anere stéckstoffhaltig Zesummesetzungen aus dem Waasser erauszehuelen. D'Moderniséierung vun der Kläranlag vollzitt sech an dräi Phasen. An enger éischter Phas gëtt d'Installatioun fir de mechanischen Traitement souwéi den éischte biologesche Baseng fäerdeg gestallt. An enger zweeter Phas gëtt de bestehende biologesche Baseng an de Clarificateur ofgerappt an en zweete Baseng installéiert. An der leschter an drëtter Phas gëtt déi ganz Anlag fir d'Eliminatioun vu Klärschlamm fäerdeg gestallt. Dobäi dierf een d'Moderniséierung vum Betribsgebaai net vergessen, déi och am Kader vun dësem Projet virgesinn ass.

De Käschtepunkt vun dësem Projet beleeft sech op ronn 16,6 Milliounen Euro, wouvun de Stat 90% iwerhëlt, wat enger Zomm vu ronn 15 Milliounen Euro entsprécht. An der Programmatioun vum Fong fir d'Waassergestioun vun 2004 bis 2007 si pro Joer 3,73 Milliounen Euro virgesinn. An der Kommissioun ass preziséiert ginn, datt de Projet a véier bis fënnef Joer fäerdeg gëtt. E soll séier realiséiert gi fir sech mat der europäescher Direktiv 91/272 iwwert d'Ofwaasser konform ze setzen.

Et ass an deem Kontext och nach drop higewise ginn, datt déi nächst Moderniséierungsprojeten d'Kläranlage vu Beetebuerg, Miersch a

Bleesbréck concernéieren. Aner Projete sinn op der Musel souwéi zu Déifferdeng, Péiteng a Schëffleng geplangt. Dëse Projet ass deemno ee vu ville fir eis Kläranlagen erëm op Vordermann ze bréngen, doduerch dass op nei a modern Technologien zrëckgegraff gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, ech konnt lech dëse Projet e bësse méi no bréngen. Weider Detailler fannt Der an den Documents parlementaires, déi op eng komplett Aart a Weis dëse Projet méi no belichten. De Projet huet an der zoustänneger Commission de l'Intérieur keng gréisser Problemer gestallt, an dofir bieten ech lech fir dësem Projet Är Zoustëmmung ze ginn.

Mam Accord vun der CSV-Fraktioun schléissen ech meng Interventioun a soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Den Här Jean-Pierre Klein ass als éischte Riedner agedroen.

Discussion générale

M. Jean-Pierre Klein (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi drängt sech op besonnesch duerch déi massiv Entwécklung vun der Populatioun an der Gemeng Hesper. D'Awunnerzuel huet an deene leschte Joren, besonnesch an dëser Gemeng, ganz rapid zougeholl. Déi aktuell Kläranlag ass also berechent op 8.000 Awunner-Gläichwäerter. Dat stéisst un d'Grenz vun deem Erträglichen, vun deem Zoulässegen. Wéi gesot, déi demographesch an déi sozio-ekonomesch Entwécklung vun dëser un d'Stad Lëtzebuerg grenzender Agglomeratioun bedéngt, dass déi jëtze Kläranlag weider moderniséiert muss ginn.

Sou eng Moosnam drängt sech op an ass elo op 17.000 Awunner-Gläichwäerter berechent. Dat huet selbstverständlech e positiven Impakt op d'Qualitéit vun Uelzechtwaasser, déi verbessert gëtt, a mécht domat och dat ökologescht Ëmfeld vill méi agreabel. Ëmmerhi war d'Hesper Gemeng déi éischt, déi op de Wee vun der Renaturéierung vun der Uelzecht gaangen ass. Dat war e Projet pilote dee seng Friichte gedroen huet an duerno vun anere Gemengen imitéiert ginn ass. D'Moderniséierung, d'Extensioun vun der Hesper Kläranlag huet sonner Zweifel net nëmmen eng Auswirkung um Territoire vun der Hesper Gemeng, mä en aval huet se och e positiven Effet wat d'Qualitéit vun Uelzechtwaasser am Allgemengen ubelaangt.

De Stat leet bei dësen Aarbechten 90% vun hirem Käschtepunkt bäi. Och do rechne mer domat, dass d'Partizipatioun a rasonnablen Termen ausbezuelt gëtt fir enger ze vill laanger Avance de fonds vun der Gemeng Hesper entgéintzewirken. Opgrond vun der Importenz a vun der Effikasitéit vun dësem Projet de loi gëtt d'sozialistesche Fraktioun hiren Accord dozou.

Une voix. - Très bien.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann et jiddefalls ee Floss hei zu Lëtzebuerg gëtt, dee beweist, dass mer trotzdeem nach e gewëssene Retard hunn an der Ofwaasserklärung, dann ass dat ouni Zweifel eisen Nationalfloss d'Uelzecht, well spéitstens zënter de 50er Joren huet sech d'Qualitéit vun deem Floss, ech géing scho bal soen, dramatesch verschlechtert. D'Ursaache si bekannt. Et huet also och kee Wäert, dass een ëmmer erëm weider drop ageet. Mir kenne se alleguer ganz genee.

Une voix. - Dann zielt eis se emol!

M. Gusty Graas (DP). - Jiddefalls, déi Zäite wou een nach an d'Uelzecht konnt buede goen, an där sinn et jo och ginn, déi si scho längst eriwwe, a wann een den Zoustand vun deem Gewässerlaf haut op verschiddene Plazen analyséiert, da muss een zur Konklusioun kommen, dass do ganz vill Sënnen an deene leschte Jorzéngte gemaach gi sinn, mam Resultat, dass d'Uelzecht vill u Charme verluer huet.

Mir hunn et leider, an ech soe bewosst „mir“, fäerdeg bruecht, dass aus der Uelzecht an deene leschte Jorzéngten deelweis en einfachen Ofwaasserkanal gemaach ginn ass.

Une voix. - Wien ass da „mir“?

M. Gusty Graas (DP). - Mir, dat ass d'ganz Gesellschaft an do sollt kee sech aus der Verantwortung stiel. Jiddefalls eng vun den Hauptsaachen ass déi, dass ganz vill ongekläerten Ofwässer, souwuel vun de Gemenge wéi natierlech awer och vun eenzelne Betriber, an all deene Jorzéngten hire Wee an d'Uelzecht fonnt hunn. Ech bedauere perséinlech och, dass u sech dat ni esou thematiséiert ginn ass, dass de Gewässerschutz nach ëmmer hei zu Lëtzebuerg, wéi soll ech soen, éischter e steifmütterlecht Dasein genoss huet an dass u sech...

Une voix. - 20 Joer ass hei scho vun de Kläranlage geschwat ginn!

M. Gusty Graas (DP). - Et wier besser, verschidde Leit géingen och heiansdo mat Plakate bei d'Waasser goen an och do op déi Problemer opmierksam maache wéi op aner Saachen, da wär och vill fir d'Zukunft vun eiser Gesellschaft gemaach ginn.

Mir hunn de Moien hei e ganz wichtegt Gesetz gestëmmt, wat eben d'Erneuerung an d'Vergreisserung vun der Kläranlag vu Beggen ubelaangt, wat ouni Zweifel och wäert dozou bäidroen, fir d'Qualitéit vun der Uelzecht ze verbessern. Dofir ass et och gutt, dass mir haut elo direkt deen zweeten anere wichtige Projet hei um Ordre du jour hunn, deen u sech direkt dodrun hänkt. Et geet jo, wéi de Rapporteur, de Fred Sonnen, dat hei schonn am Detail erkläert huet, ëm d'Vergreisserung respektiv och ëm d'Moderniséierung vun der Hesper Kläranlag.

Ech wëll och hei hiweisen op dat rezentst Fëschstierwen. Dat war net méi spéit wéi d'lescht Woch. Dat war eben erëm just an deem Raum do an ass mengen Informatiounen no och op den net gudden Funktionement vun der Anlag zrëckzeféieren. De 24. August 2002 hate mir och schonn e gréisert Fëschstierwen an dem Beräich vun der Hesper Kläranlag. Dat ass awer zum Deel och op de vereelste Kanalisatiounssystem zrëckzeféieren. Dat ass en allgemenge Problem, dee mir nach ëmmer hei zu Lëtzebuerg hunn, well eis Kanalisatiounen oft hoffnungslos iwwerlaascht sinn, well se eben am Diameter ze kleng sinn. Da kënnt et besonnesch awer och, wann et länger Zäit net gereent huet, zu gewëssenen ekologesche Katastrophen, wann dann ebe vill Waasser matenee kënnt, dass dann d'Déversoiren opsprange mussen, well d'Kanalisatioun dat net packt, mat deene Konsequenzen, déi mir kennen.

Dofir ass et wéi gesot wichteg, dass d'Reenhaltebecken nach wie vor gebaut ginn. Mir hunn der eng ronn 60 hei zu Lëtzebuerg. Dat geet largement net duer, an et ass och dofir gutt, dass an dësem Projet virgesinn ass, dass déi Zuel elo vun dräi op zéng gehéicht gëtt.

Ech hat an der Kommissioun och d'Fro opgeworf vun enger UV-Strahlung, dat ass jo u sech eng

zousätzlech Phas, déi och nach an der Kläranlag vum Heischtergronn elo virgesinn ass. Et ass mer vun de Spezialiste gesot ginn, dass dat zu dësem Zäitpunkt net direkt oportun wär, obwuel ee sech awer soll iwwerleeden, ob dat net fir d'Zukunft zu der Standardausrüstung vun enger Kläranlag soll gehéieren.

Wann een d'Uelzecht wéi gesot haut analyséiert, da muss een allerdéngs feststellen, dass se op ville Plazen an engem relativ desolaten Zoustand ass. Ech denke virun allem un den Tronçon vu Réiser erof bis op Esch, wou se wéi gesot an eist Land eraleeft, an dat kann ee virun allem och um Fëschbestand feststellen.

Allerdéngs gëtt et awer och e puer Liichtblécker. Ech wëll drop hiweisen, dass elektresch Offëschungen an deene leschte Wochen a Méint, déi gemaach goufen, bewisen hunn, dass de Fëschbestand besonnesch ënnerhalb vu Steesel erof bis an de Gronn, an deelweis bis op Hesper, sech verbessert huet. Et kann een da, wéi gesot, emol eng Kéier hei d'Fro stellen, ob een net vläicht d'Fëscherei do an Zukunft erëm kann opmaachen.

(Interruption)

Do ass et iwwerall net zum Allerbeschten, dat wësst Dir jo genau-sou gutt wéi ech.

Mä jiddefalls ass de Beweis dofir erbruecht, dass, wann de Wëllen do ass fir wierklech offensiv virzegoe bei der Ofwaasserklärung, een awer och kann eppes bewegen. An d'Tatsaach, dass awer eng Rei vun Anlagen an deene leschte Joren adaptéiert goufen, an dass dofir gutt Resultater erreecht goufen, ass jo awer de beschte Beweis, dass et just nëmmen um Wëllen hänkt, fir eppes ze verbesseren.

En anere Problem vun der Uelzecht ass natierlech awer och déi schwach Auto-épuratioun, an déi ass doduerch entstanen, well eben och d'Morphologie vun deem Gewässerlager an all deene Jorzéngten zu engem gudden Deel zerstäiert ginn ass duerch Reguléierungsmoosnamen, duerch Agrëffer vum Mënsch, déi op ville Plazen net onbedéngt gerechtfärdigt waren. Dofir ass et och gutt, dass elo éischter eng aner Mentalitéit kënnt, dass een elo éischter dozou iwwergeet, fir Gewässerleef ze renaturéieren. Et gëtt eng Rei gutt Beispiller. Den Här Klein huet vu Steesel geschwat, ech schwätzen da vu Fenteng oder och vu Schëffleng.

Ech wëll allerdéngs och op ee rezent Beispill hiweisen, wou eng Stabiliséierung vun den Ufere vun der Uelzecht am Raum Fenneng virgesi war, wat scho vum „Waasserswirtschaftsamt“ - dat een zwar nach muss tësche Guillemets schreiwen - genehmegt gi war, wou dann awer den Environnement - do sinn ech awer ganz éierlech hei - richtegerweis dee Projet negativ aviséiert huet. Dat beweist awer och, dass mer nach ëmmer op verschiddene Plazen net geléiert hunn, dass een haut eng Stabiliséierung oder eng Uferbegradung soll, wa se muss gemaach ginn, op eng vill méi ekologesche Aart a Weis maachen.

Ee vun den Hauptproblemer vun eisem Kläranlagesystem ass natierlech och d'Iwwerbelaaschtung vun deenen eenzelnen Anlagen, a grad dëse Projet gëtt jo erëm e gudden Beweis och, wann ee bedenkt, dass déi Anlag hei 1972 gebaut gi war, deemools fir 8.000 Leit, an haut, 32 Joer méi spéit, wunne 17.000 Leit an der Gemeng. Mir hunn awer entre-temps keng Adaptatioun virgeholl!

An dann ass een natierlech ganz séier bei der Thematik vun dem

Wunnengsbau. Och do sinn ech perséinlech op jidde Fall der Meenung, dass an Zukunft all neit Lotissement nëmme ka genehmegt ginn, wann am Virfeld awer och gekuckt gëtt: Wat ass den Impakt herno op d'Ofwaasserklärung? Well dat ass jo ee vun den Hauptproblemer. Mir hu gebaut, gebaut, gebaut, ouni eis awer gläichzäitig Gedanken ze maachen: Wat bréngt dat fir zousätzlech Belaaschtung fir d'Sanéierung vun eise Gewässerleef mat sech?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, natierlech hunn de Bau respektiv d'Erneuerung vun eise Kläranlagen och hire Präis. Déi zwee Projeten hei bewisen dat gutt. Ech mengen awer, an dofir muss een dës Regierung awer och félicitéieren, dass de politesche Wëllen do ass, fir konsequent op deem Wee weiderzefueren. Mä mir sinn nach laang net um Enn ukomm; et bleiwen nach eng ganz Rei vu wichtige Projeten ze maachen. Et ass also esou, dass de Fonds pour la protection de l'eau och an Zukunft nach konsequent alimentéiert muss ginn. Wa mir wëllen d'Uelzecht op jidde Fall esou wäit wéi méiglech erëm an deen der Natur noen Zoustand bréngen - obwuel ee sech kengen Illusioun soll hignig -, da muss mir nach enorm Efforte maachen.

Et sinn nach eng Rei vu Projeten um Instanzewee, ech denken an éischter Linn un d'Kläranlag vu Beetebuerg, déi och hoffnungslos iwwerlaascht ass, dat bedéngt virun allem awer och duerch d'Aire de Berchem, wou jo eng enorm grouss zousätzlech Charge all Dag op déi Kläranlag zoukënn.

Op där anerer Säit, wa mir dann den IVL huelen a kucken, zu wat fir enge Konkusiounen dass dee kënnt, an dee virun allem praktesch virschreift, dass de Süden nach ëm 23% méi Awunner weider wuesse soll, da soen ech awer och gläichzäitig, da muss mir eis awer och bewosst sinn, wat dat fir aner Konsequenze mat sech bréngt, an dass mir och am Virfeld eis däers muss bewosst sinn an net erëm hannendru lafen, an dann d'Kläranlag adaptéieren, wann et zum Deel schonn ze spéit ass. Well et dierf een net vergiessen, d'Gewässerleef si Patrimoine naturel an et huet een dann och eng gewësse moralesch Verpflichtung, fir do aktiv virzegoen.

Ech wëll zum Schluss nach vläicht kuerz op dräi Problemer agoen, déi d'Gesamtgewässerschutzproblematik betreffen. Éischstens natierlech de Klärschlamm. Ech mengen do ass elo direkt hei weder de Moien nach de Mëtteg dovou geschwat ginn, mä wann ee mat den Exploitanté vun de Kläranlage schwätzt, weess een, dass dat e ganz seriöse Problem ass. Dee bréngt nämlech ëmmer méi Stockageproblemer mat sech, well d'Landwirtschaft net méi bereet ass, respektiv och net méi kann all Klärschlamm notzen.

En zweete Punkt ass deen - an de Minister huet dat de Moien och scho kuerz ugeschnidden - vun de Medikamenterréckstänn an eisen Ofwässer, e Problem, dee bis dato quasi hei zu Lëtzebuerg, kann ee bal soen, tabuiséiert ginn ass. Wann een awer mat auslännesche Spezialiste schwätzt, da kritt ee ganz kloer gesot, dass dat dote schonn e ganz grouse Problem ass. Ech sinn och iwwerzeegt, och als net Fachmann, dass dat awer hei zu Lëtzebuerg mat Sécherheet och schonn ee Problem duerstellt, dat ass also eppes, wat mir an Zukunft an eiser Kläranlagepolitik méi mat muss berücksichtegen. Well déi toxesch Wierkunge vun deene Stoffer op d'Grondwaasser, op d'Iwwerflächewaasser an op d'Dränkwaasser souguer ass nogewise ginn, an international Etüde schwätzen dovunner, dass et haut schonn eng ronn 5.000 Stoffer gëtt, déi deementspriedend eng toxesch Wierkung op d'Waasser hätten.

Da vläicht en drëtten Punkt nach, dat ass virun allem...

(Interruption)

Wësst Der, dat doten ass eng Diskussioun - elo geet gläich d'rout Luucht hei un - wou een nach vill méi an de Fong misst goen. Déi reservéiere mir eis da fir eng aner Kéier, mä et ass awer e ganz seriöse Problem.

(Interruption)

Da wëll ech awer nach op een anere Punkt hiweisen, an dat ass virun allem awer de momentanen niddrege Waasserstand vun enger Rei vu Waasserleef, wat awer beweist, dass de Grondwaasserspiegel mat Sécherheet och eng Rei vu Problemer huet. Dat kann een doduerch erklären, dass mir natierlech enorm héich Temperaturen am leschte Summer haten, dass net extra vill Waasser während de Wanterméint an eis Gewässerleef komm ass. Mä wat awer ka fir d'Zukunft enorm Problemer fir eis Gewässerleef mat sech bréngen, ass besonnesch wann eng héich organesch Belaaschtung do ass a gläichzäitig en niddrege Waasserstand, wéi gesot. Et soll een dat net ze vill negativ gesinn, mä awer drop opmierksam maachen, dass dat ouni Zweifel e gréissere Problem ass.

Ofschléissend kann ech nëmme soen, dass haut jiddefalls e gudde Dag fir d'Uelzecht ass. Dat kann een nëmme begrëssen, an dofir bréngen ech och den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Gesetzprojet, net ouni awer ofschléissend dem Kolleeg Fred Sonnen och nach e grouse Merci ze soe fir seng mëndlech respektiv schrëftlech Berichter.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen (ADR). - Merci, Här President. Merci all deene Leit, déi un deem Projet matgeschafft hunn. Selbstverständlech ass den ADR domat d'accord, fir déi Kläranlag hei ze finanzéieren. Investitiounen an d'Kläranlage sinn eng Prioritéit a si leider an der Vergaangenheet allze vill vernoléis-segt ginn.

Just zwou Bemierkungen, well de Projet selwer hei schonn erkläert ginn ass, a mäi Virriedner huet eng ganz Rei vu wichtige Iwwerleedunge mat op den Dësch geluecht.

Bedauerlech ass e bëssen deen Hickhack tëschent der Stad Lëtzebuerg an der Hesper Gemeng iwwert déi techesch Ausleung vun deem ganze System vu Kläranlagen a vun Egouten, ob elo Bouneweg oder Beggen, oder och nach déi kleng Anlag beim Rond-point Glück. Déi Décisiounen hunn esou laang geschleeft duerch Mëssverständnisse tëschent deene verschiddene Gemengen.

Bedauerlech ass och, dass beim Bauen a bei den Ausweidung vun de Bauperimeteren an der Gemeng Hesper zënter Joren ouni Iwwerleedung geplangt ginn ass, an déi demographesch Entwécklung ass net vum Himmel gefall; déi ass an deene leschten 30 Joer gewuess, sou dass een ouni Weideres hätt missen an hätt kënnen en neit Netz an nei Kläranlage rechtzäitig virgesinn.

Mir hoffen op alle Fall, dass och dem Fong d'Loft net ausgeet, fir déi sëllege Kläranlagen, déi nach feelen an am Bau sinn, ze finanzéieren. Ech bréngen heimadder den Accord vum ADR zu dësem Projet.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Et ass kee méi agedroen. Den Här Minister huet jo de Mueren zu deenen zwou Kläranlage geschwat.

Da kéime mer zur Lecture vun den Artikelen.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen of iwwert de Projet de loi 5265.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes (par M. Marco Schank), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Emile Calmes), Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Georges Wohlfart), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5318 iwwert d'Grenz tëschent der Escher an der Schëfflenger Gemeng. Et si schonn ageschriwwen: d'Madame Mutsch an déi Häre Graas a Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Nelly Stein.

5. 5318 - Projet de loi portant changement de limites entre les communes d'Esch-sur-Alzette et de Schifflange

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt fir d'éischt dem President vun der Kommissioun vun den Affaires intérieures, dem Marco Schank, merci soen, datt ech dierf dee Rapport zu dësem Projet de loi maachen als Netmember vun der Kommissioun. Mä Dir musst verstoen, dee Projet hei läit mir ganz besonnesch um Häerz. Et geet jo ëm Schëffleng an ech hu mech schonn an de Joren 2001 an 2002 des Laangen an des Breede mat dësem...

(Interruption)

Jo, et geet och ëm Esch.

...Projet befaasst.

De 26. Mäerz 2004 huet de Minister Michel Wolter de Projet an der Chamber deposéiert. De Statsrot huet de Gesetzestext de 25. Februar zougestallt kritt an huet

säin Avis den 30. Mäerz ofginn. D'Kommissioun vun den Affaires intérieures huet an der Réunioun vum 7. Abrëll de Projet analyséiert a mech als Rapporteur bestëmmt. De schrëftleche Rapport gouf an der Sitzung vum 28. Abrëll unanimement ugeholl.

Mat dësem Projet ginn d'Gemeengegrenze vun Esch a Schëffleng geännert. Schëffleng trëtt um Lallengerbiert op der Plaz „op der Eisekaul“, en Terrain vun engem Hektar, 36 Ar, 91 Zentiar un d'Gemeng Esch of. Als Géigeleeschung kritt d'Gemeng Schëffleng vun der Escher Gemeng en Areal vun engem Hektar, 26 Ar, 24 Zentiar, eng Differenz vun zéng Ar, an zwar „am Pudel“ tëscht der Rue du Moulin an de Schmelzweieren.

Firwat gëtt elo eigentlech dësen Tosch vun Terrainë gemaach?

(Coups de cloche de la Présidence)

Am Joer 2001 huet d'Entreprise „De Schëfflenger Schräiner“ d'Stad Esch befaasst mat enger Demande de projet d'aménagement particulier, fir op hirem Terrain eng nei Schräinerei ze bauen. Dëse Site hat den Nodeel, datt e wäit ewech vun den Escher Infrastrukture war, wéi zum Beispill vu Kanal a Waasser.

Wuel hat d'Commission d'aménagement en Avis positif ginn, an zwar de 5. September 2001. Mä, an dat versteet all Gemengepapp oder all Gemengemamm, d'Gemeng Esch an dësem Punkt retizent war fir de Projet ze autoriséieren, well hir Infrastrukturen en Uschloss un hir Netzer net erlaabt hätten, oder nëmmen ënnert engem ganz grouse Käschenopwand.

Kuerz duerno, also Ufank 2002, ass dunn och, wéi duerch en Zoufall, d'Gemeng Schëffleng mat engem Projet befaasst gi vun der Extensioun vun de Gebailechkeete vun der APEMH um Centre Nossbiert. Wéi jidderee weess, läit de Centre Nossbiert um Territoire vun der Gemeng Esch, mä déi ganz Extensioun wär op den Territoire vun der Gemeng Schëffleng um Lallengerbiert komm. Déi geplangten Extensioun hätt integral um Territoire vun der Gemeng Schëffleng geleeën, an do huet sech deeselewichte Problem gestallt wéi bei der Schräinerei. Och op där Plaz huet Schëffleng keng Infrastrukturen an dëst Gebai hätt also net kënnen en d'Netzer vu Schëffleng ugeschloss ginn.

D'Commission d'aménagement hat de Problem erkannt, an ech sinn deene Leit wierklech dankbar. Déi hunn zwar e positiven Avis ginn, mä si hunn eng ganz konstruktiv Propos gemaach. Dës Propos huet eigentlech déi zwee Problemer - zwou Mécken op ee Schlag - geléist.

Déi Schëfflenger Gemeng huet dunn dës Propos an engem Bréif un déi Escher Gemengeverantwortelech geschriwwen an huet do och, wéi net anescht erwaart, e positiven Echo kritt am Juli 2002. Doropshin hunn déi respektiv Servicer vun deenen zwou Gemenge sech zesummesat an déi nei Limité fixéiert, déi déi zwee Schäfte-reit du virgeschloe krute fir dësen Tosch ze maachen.

Ech muss an dësem Zesummenhang déi gutt Zesummenaarbecht vun deene Leit luewen, déi an deenen zwou Gemenge sech derfir agesat hunn, datt mer dëse Projet konnten op d'Schinn setzen. Engersäits de Service du Géomètre vun Esch an anersäits de Service écologique vun der Gemeng Schëffleng. Déi Leit hunn den Dossier esou gutt préparéiert, dass en ouni Schwieregkeet, mat Ausnahm vun e puer Remarquen, awer redaktioneller Aart, vum Statsrot, all Instanzen duerchlafte konnt. Déi gutt Zesummenaarbecht war awer nëmme méiglech, well mer um politesche wéi och um techneschen Niveau eis ganz gutt verstinn. Dofir en décke Merci un

all déi Leit, déi sech fir dëse Projet staark gemaach hunn an hir Energie dra geluecht hunn, fir en ze realiséieren.

Ech wëll awer och net vergiessen, der Escher Buergermeeschtesch merci ze soen. D'Madame Lydia Mutsch an ech hunn eis méi wéi eng Kéier iwwert dëse Projet ënnerhalen a mir hu wierklech den Dossier suivéiert, fir datt de Projet net sollt a Verzuuch geroden. Et muss een dat soe wat stëmmt, an dat war an dësem Fall genausou wéi ech et elo gesot hunn.

Ech si ganz besonnesch frou datt déi zwee Projeten, souwuel dee vun der Elterevereenegung fir geeschteg handicapéiert Kanner, wéi och dee vun der Schräinerei Schëffleng elo endlech kënnen realiséiert ginn. An ech muss derbäi soen, nach a räsonnablen Délaien. Ech si wierklech frou, datt endlech d'Aarbechte kënnen ugefaange ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat war et. Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet an ech wëllt ofschléissend den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn.

Merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Als éischten Diskussiounsriedner ass d'Madame Lydia Mutsch agedroen. D'Madame Mutsch huet d'Wuert.

Discussion générale

Mme Lydia Mutsch (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well d'Madame Stein an hirem mëndlechen a schrëftleche Rapport scho relativ komplett war, kann ech mech op e puer Aussoen hei limitéieren an nëmmen dat confirméieren, wat si elo just hei gesot huet.

Dat Ganzt geet also schonn op d'Joer 2002 zrëck. Dat heescht dee Projet huet elo vu Schëfflenger Sait zwéi Buergermeeschteren als Interlocuteur gehat. Ugaangen ass et awer mat der Madame Stein als Buergermeeschter a finaliséiert ginn ass et vun hirem Nofolger, deen eigentlech déi gutt Viraarbecht konnt notzen, fir déi Saach esou schnell wéi méiglech dann och ze finaliséieren.

Ech géing vläicht just als Ajout soen, dass mer ënnerwee eng kleng Hürd ze bewältegen haten - dat weess d'Madame Stein och -, well nodeem mir esou ëm Ouschteren 2002 eng éischte Kéier dorjwwer geschwat haten an direkt en Échange de lettres gemaach haten, hu mer déi Wochen duerno direkt eis Servicer chargéiert fir deen Dossier ze entaméieren. Wou mer déi Dossierien ofginn hunn, do war entre-temps déi nei Legislatioun a Kraaft, déi vum 25. Juli 2002 wou et ëm d'Reorganisatioun vum Kadaster gong. Dunn ass eis vun der Administration du Cadastre et de la Topographie signaléiert ginn, dass do drasténg, dass all Aarbechten, déi ronderëm Kantonslimiten, Gemengen oder Sektione falen, alleng an d'Attributioun vun der Administratioun falen.

Elo haten awer eis fläisseg Servicer déi dote Mesuragé schonn alleguerte virgeholl, dat heescht, déi waren am Fong scho vritt, a fir den Dossier net nees vu vir unzefänke gouf en Accord mam Geometer négociéiert, deen zoustänneg war fir d'Administratioun fir d'Regioun Süden. Deen huet och dunn akzeptéiert, fir op Basis vun deene Viraarbechten, déi scho gelescht gi waren, déi Pläng ze dresséieren, ënnert der Responsabilitéit, déi déi dem Gesetz no hätt, esou dass déi gutt Aarbecht, déi vun de Servicer gemaach gi war, net fir näischt war an déi ganz Prozedur net vu vir huet missen ufänken.

Mir wëssen dann och elo wat dat alles bedeit, wann een eng Grenzupassung mécht, mir kennen elo de geneeë Wee, dat ass also elo eng fir eis novollzéibar Hürd, déi do ze huelen ass. Mir freeën eis natierlech och hei als Fraktioun, dass, zousätzlech zu enger gudder Entente tëschent zwou Gemengen, en plus eppes dofir eraus komm ass fir e klengen, respektiv mëttelstännege Betrib, deen do verbessert wirtschaftlech Konditiounen virfonnt huet, fir seng Aktivitéiten am Dénchscht vun enger ganzer Regioun kënnen ze maachen. En plus kann dee Centre fir déi behënnert Kanner eng Extensioun kréien, ouni Annexe do op engem aneren Territoire ze baue wéi do, wou dat aktuell Gebai besteet. Sou dass mir, mengen ech, wéi een dat esou schéi seet, zwéi Fliegen mit einer Klappe geschloen hunn an zur vollster Zefriddenheet vun alle Concernéierten op de Wee vum Vote vun deem Projet de loi kënnen goen. Natierlech bréngen ech och den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt aganks der Madame Rapportrice, dem Nelly Stein, merci soe fir dee Rapport, dee jo bewisen huet, dass zwou Gemengen och kënnen ganz fruchtbar zesumme schaffen an dat ass mat Sécherheet eng vun den Haaptursachen, firwat dass d'DP selbstverständlech och wäert dësem Projet zoustëmmen. Ech soen lech merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Leschte Riedner ass den Här Aly Jaerling. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling (ADR). - Här President, et ass ganz kloer, dass ech och d'Zoustëmmung vu menger Partei ginn. Vu dass jo Esch 10 Ar méi grouss gëtt, mengen ech, kann ech nëmmen zefridde sinn an ech hoffen, dass mir esou weider kënnen fueren. Elo hu mer schonn e Stéck vum Lallengerbiert erëm erobert an elo wäerte mir da lues a lues ufänken och Schëffleng ganz ze iwwerhuelen. Dofir kënnen mir roueg mat deem Projet hei zefridde sinn.

M. le Président. - D'Wuert huet dann den Här Minister Wolter.

(Interruptions)

Dee wëllt net méi schwätzen. Mir kommen dann elo zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5318.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass unanime mat 58 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Patrick Santer), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Simone Beissel), Mme Maggy Nagel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par Mme Lydie Err), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Zanussi), Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen (par M. Robert Mehlen);

MM. Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

(Assentiment)

Dat ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zur gemeinsamen Diskussioun vun de Projets de loi 5150 an 5151 iwwert d'Personnalité juridique vun der rumänesch- a serbesch-orthodoxer Kierch a vun der anglikanescher Kierch. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn agedroen: déi Häre Bodry, Rippinger, Henckes an Huss. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deene béide Projeten, den honorablen Här Paul-Henri Meyers. Den Här Meyers huet d'Wuert.

6. 5150 - Projet de loi autorisant l'État à prendre en charge les traitements et pensions des ministres du culte des Églises Orthodoxes Roumaine et Serbe du Luxembourg et conférant la personnalité juridique de droit public aux dites Églises

5151 - Projet de loi autorisant l'État à prendre en charge les traitements et pensions des ministres du culte de l'Église Anglicane du Luxembourg et conférant la personnalité juridique de droit public à ladite Église

Rapports de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi zwee Projeten 5150 an 5151 sinn agereecht an deponéiert ginn den 20. Mee 2003, den Avis vum Conseil d'État ass den 9. Dezember 2003 komm an d'Chambre des Fonctionnaires an d'Chambre des Employés privés hunn en Avis ofginn. Op Grond vun éischten Avis vum Conseil d'État huet dann d'Regierung selwer den 22. Mäerz 2004 verschidden Amendementen age-reecht an dorophin huet de Conseil d'État säin Accord ginn an engem Avis complémentaire vum 1. Abrëll 2004. De Rapport iwwert déi zwee Projeten ass ugeholl ginn den 21. Abrëll 2004.

Déi zwee Projeten hunn als Zil, fir déi Konventiounen oder Deeler vun deene Konventiounen, déi de Stat ofgeschloss huet mat zwou reliéise Gemeinschaften, an zwar mat der anglikanescher Kierch a mat der